

## Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Communications
3. Ordre du jour
4. Dépôt d'une proposition de loi
5. Interventions au sujet de l'organisation de l'heure de questions au Gouvernement et des questions parlementaires
6. Heure de questions au Gouvernement
  - Question N°101 du 15 mai 2006 de Monsieur Marc Spautz au sujet du bien-être des salariés du Laboratoire National de Santé, adressée au Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale
  - Question N°102 du 15 mai 2006 de Madame Anne Brasseur relative à l'élaboration d'un projet de loi permettant la création d'un cycle supérieur et de conférer au «Neie Lycée» le droit de décerner des diplômes de fin d'études secondaires, adressée au Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle
  - Question N°103 du 16 mai 2006 de Monsieur Marc Angel relative au programme de construction de logements par le Fonds d'Urbanisation et d'Aménagement du Plateau de Kirchberg, adressée au Ministre des Travaux publics
  - Question N°104 du 16 mai 2006 de Monsieur Robert Mehlen relative aux intentions du Gouvernement quant à la politique salariale du secteur public, adressée au Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative
  - Question N°105 du 16 mai 2006 de Madame Martine Stein-Mergen concernant la pertinence de certains critères qu'une personne doit remplir pour pouvoir donner son sang, adressée au Ministre de la Santé
  - Question N°106 du 16 mai 2006 de Monsieur Norbert Hauptert relative à la réforme de la taxe sur les voitures automobiles notamment à la différence de traitement de voitures immatriculées avant et après 2001, adressée au Ministre de l'Environnement
7. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG relative au «1<sup>er</sup> Plan d'action en vue de la réduction des émissions CO<sub>2</sub>» du Ministère de l'Environnement (*Débat*)
8. 5530 - Projet de loi portant approbation du Protocole, signé à Vilnius, le 3 juin 1999, portant modification de la Convention relative aux transports internationaux ferroviaires (COTIF), du 9 mai 1980  
(*Rapport de la Commission des Transports - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
9. Interpellation de M. Robert Mehlen au sujet de la politique agricole  
(*Discussion générale - Motions*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 15.02 heures)

■ **M. le Président.** - D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(*Interruption*)

Den Här Minister Mars Di Bartolomeo.

### 1. Dépôt d'un projet de loi

■ **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.* - Här President, de Grand-Duc huet mech autoriséiert am Numm vun der Regierung de Projet de loi ze deponéieren, deem d'Artikelen 61 a 65 vum Code des assurances sociales an deem Sënn soll ëmänneren, dass de Séjour am Centre de Convalescence zu Kolpech besser vun der Sécurité sociale en charge geholl gëtt.

- *Projet de loi N°5574 modifiant les articles 61 et 65 du Code des assurances sociales*

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister, ech ginn lech Akt vum Dépôt vun dësem Projet an de Projet wäert un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet ginn.

### 2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau. Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et de règlement grand-ducal suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre:

1. **5570** - Projet de loi portant approbation - de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et

la République française sur la sécurité sociale - du Protocole additionnel relatif au recouvrement des cotisations et contributions de sécurité sociale et à la répétition des prestations indûment versées signés à Paris, le 7 novembre 2005

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 04.05.2006

2. **5571** - Projet de loi portant modification de l'article 10 du Code d'Instruction Criminelle et de l'article 18 de la loi modifiée du 31 mai 1999 portant création d'un corps de police grand-ducale et d'une inspection générale de la police

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 05.05.2006

3. **5572** - Projet de loi portant: 1. transposition - de la directive 2001/40/CE du Conseil de l'Union européenne du 28 mai 2001 relative à la reconnaissance mutuelle des décisions d'éloignement des ressortissants de pays tiers; - de la directive 2001/51/CE du Conseil de l'Union européenne du 28 juin 2001 visant à compléter les dispositions de l'article 26 de la convention d'application de l'accord de Schengen du 14 juin 1985; - de la directive 2002/90/CE du Conseil de l'Union européenne du 28 novembre 2002 définissant l'aide à l'entrée, au transit et au séjour irréguliers; - de la directive 2004/82/CE du Conseil du 29 avril 2004 concernant l'obligation pour les transporteurs de communiquer les données relatives aux passagers; 2. modification de la loi modifiée du 28 mars 1972 concernant 1) l'entrée et le séjour des étrangers; 2) le contrôle médical des étrangers; 3) l'emploi de la main-d'œuvre étrangère

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 10.05.2006

4. **5573** - Projet de règlement grand-ducal concernant la participation du Luxembourg à l'opération militaire de l'Union européenne en soutien de la MONUC en République démocratique du Congo (EUFOR RD Congo)

Dépôt: Monsieur Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense, le 12.05.2006

### 3. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour ubelaangt vun dëser Woch huet d'Presidentenkonferenz Folgendes virgeschloen:

Haut de Mëtten hu mer:

- fir d'éischt eng Froestonn un d'Regierung;

- dann eng Aktualitéitsstonn vun der Fraktioun vun deene Gréngen iwwert den Aktionsplang fir d'Erfolge vum den CO<sub>2</sub>-Emissiounen;

- duerno kënnst de Projet de loi 5530, eng Konventioun iwwert den internationale Schinneverkéier

- an als leschte Punkt haut de Mëtten um Ordre du jour hu mer d'Interpellatioun vum Här Robert Mehlen iwwert d'Landwirtschaft.

Mar um hallwer dräi sti folgend Projeten um Ordre du jour:

- fir d'éischt e Projet betreffend eng budgetär Upassung beim Sport- a Kulturzentrum um Kierchbierg;

- da kommen dräi Projeten iwwert d'Navigatiounssystemer Galileo a GPS an déi dräi verschidde Projete ginn an enger Diskussioun behandelt;

- drëttens hu mer um Ordre du jour e Kulturofkommes tëscht Lëtzebuerg an dem Cap-Vert;

- dann e Projet iwwert de Bättrëtt vu verschiddenen neien EU-Länner

zur Konventioun iwwert d'Obligation contractuelle

- an als leschte Punkt hu mer den zweete Vote constitutionnel iwwert den Ofännerungsvorschlag vun den Artikelen 68 an 69 vun eiser Verfassung. Bei deene Voten ass laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert an de Vote par procuration ass hei net erlaabt.

Iwwermer, en Donneschdeg, och um hallwer dräi fënnt eng Consultatiounsdebat iwwert den IVL statt.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

(*Assentiment*)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir fänken haut de Mëtten un...

(*Interruption*)

Den honorablen Här Fayot huet d'Wuert gefrot. Här Fayot.

### 4. Dépôt d'une proposition de loi

■ **M. Ben Fayot** (*LSAP*). - Här President, ech wollt am Numm vun der Madame Lydie Err an a mengem eegenen eng Proposition de loi déposéieren, fir d'Participatioun vun net Lëtzebuurger Matbiergerinnen a Matbierger un dem Wahlgeschäft zu Lëtzebuerg ze erliichteren, ënner anerem och fir d'Participatioun am Fall vun engem Referendum engem Gesetz ze iwwerloossen, fir dee Corps électoral festzeleeën. No der Erfahrung mat dem Referendum iwwert d'Europäesch Verfassung huet dat ons eng noutwendeg Modifikatioun vun der Verfassung geschéngt. Ech déposéieren also déi Proposition de loi op den Dësch vum Haus.

- *Proposition de loi N°5575 portant modification de 1) l'article 51 (7) de la Constitution 2) la loi du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national 3) la loi électorale du 18 février 2003*

■ **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Déi Proposition de loi gëtt weidergeleet un déi zoustänneg Kommissioun, fir do examinéiert ze ginn.

D'Froestonn un Regierung...

(*Interruption*)

Den Här Wolter huet d'Wuert gefrot.

■ **M. Michel Wolter** (*CSV*). - Här President, ech wollt eréischt d'Wuert froen zur Froestonn.

■ **M. le Président.** - Dann hutt Der d'Wuert.

### 5. Interventions au sujet de l'organisation de l'heure de questions au Gouvernement et des questions parlementaires

■ **M. Michel Wolter** (*CSV*). - Mir wollten am Numm vun der CSV-Fraktioun eng Fro un den Ausseminister stellen, well am Kader vum Dossier vun der WSA eng Rei vun Neiegekeete véhiculéiert ginn, wou mer gären eng Confirmatioun hätten.

Mir versti jo, dass d'Ministerei, wa se am Ausland sinn, op Grond vun deenen Diskussiounen, déi mer an der Vergaangenheet schon itärativement hei gefouert hunn, verhënnert sinn, a mir sinn och dovun ausgegangen, dass den Ausseminister am Ausland wier, esou dass e verhënnert wier zu enger Fro, déi gestallt war, ze äntweren. Ech muss soen, dass éist Erstaune relativ grouss war, dass den Ausseminister vun zwou bis Véierel vir dräi an enger Chamberskommission present war elo de Mëtten an ëm dräi Auer net konnt an der Chamber sinn.

Also, mir wäre scho frou, wann Der nach eng Kéier géift de Kolleegen an der Regierung rappeléieren, datt, wann net imperativ Auslandsmissiounen d'Leit géife verhënnere, d'Deputéierten net onfrou driwwer wieren, datt, wann eng Heure de questions wier - déi d'ailleurs deemools jo och op Initiativ vun der Regierung komm ass -, se dann och am Plenum wieren, wann déi Froe géife gestallt ginn, déi hinne gestallt goufen.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Wolter. Den honorablen Här Grethen huet d'Wuert.

■ **M. Henri Grethen** (*DP*). - Jo, Här President, mir waren an darselwechter Situatioun. Mäi Kolleeg Charel Goerens wollt eng Fro un den Ausseminister stellen, well mer matgedeelt kritt hunn, hie wier present. Mir hunn awer och elo gesot kritt, hie kéint leider net hei sinn, well hie géift den namibesche President um dräi Auer empfänken. Ech sinn zwar paff, well ech hat ëmmer gemengt, dass bei esou héije Gäscht déi Reese wochen- a méintlaang am Virus géife préparéiert ginn - hei schéngt awer elo ganz kuerzfristig eppes derzwëscht komm ze sinn. Mä ech wollt mech deem uschléissen, wat de Kolleeg Michel Wolter gesot huet, an och eist Erstaunen zum Ausdrock bréngen.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Grethen. Den Här Fayot.

■ **M. Ben Fayot** (*LSAP*). - Här President, ech wëilt dat confirméieren, wat den Här Grethen gesot huet. Den Här Ausseminister huet sech bereet erkläert, fir vun zwou bis Véierel vir dräi an d'aussepolitisch Kommissioun ze kommen. Ech wëll awer och confirméieren, dass hie scho laang am Virus wousst, dass en eng Obligatioun um dräi Auer hätt, en l'occurrence den namibesche President ze empfänken. Ech fanne mir sollte Versteesdemech hu fir déi Obligatiounen vun de Regierungsmemberen.

Merci.

(*Interruptions diverses*)

■ **M. le Président.** - Dir Damm an Dir Hären, ech mengen, mir alleguerten heibannen hu Versteesdemech fir d'Obligatiounen vun de Regierungsmemberen, wa se Obligatiounen am Ausland hunn, och wa se dringend Obligatiounen hei am Land hunn, datt se net kënnen an der Froestonn present sinn. Et bleift awer de Prinzip, dee mer arrétéiert haten, datt d'Ministerei prinzipiell hei wären, wa se net Auslandsobligatiounen hunn.

Ech muss awer soen, ouni hei wëlle Partei ze ergräifen, datt den honorablen Här Wolter an den honorablen Här Grethen net ganz falsch leien, wa se soen: Déi Visite do gëtt jo awer programméiert a geplangt, an et ka jo net sinn, datt gëschter deen Termin vun dräi Auer nach net festgestanen huet an en haut awer op dräi Auer läit. Also, loosse mer elo haut fir den Här Ausseminister Versteesdemech hunn, hien empfängt elo en auslännesche Gaascht an domadder ass d'Saach godoen.

Mä et bleift awer esou - a fir déi Regierungsmemberen, déi hei sinn, wëll ech dat nach eng Kéier rappeléieren -, dass d'Sitzunge vun der Chamber bekannt sinn an et och gewosst ass, datt praktesch an all Sitzung eng Froestonn un d'Regierung ass. Duerfir nach eng Kéier mäin dréngenden Appel un d'Regierungsmemberen, hei present ze sinn. De Respekt vis-à-vis vun der Chamber verlaangt dat.

An deemselwechte Kontext, well mer just do derbäi sinn, géif ech och wëlle rappeléieren, datt mer ewell laut Règlement eng Prozedur hunn net nëmme vun der Froestonn